TENNIS CLUB MERSCH

# Antonio's Trip to the Masters Kinder Joy of Moving 2024 – Rafael Nadal Academy in Manacor

Duerch eng absolut beandrockend Summersaison a 4 Victoiren an den Aus-Scheedundstournoien vum Kinder Joy of Moving 2024 an der Kategorie U12 zu Lëtzebuerg, huet sech eisen Spiller, den Antonio Marinelli , aktuell Nr 1 zu Lëtzebuerg fir den Masters zu Manacor an der Rafa Nadal Academy qualifizéiert.

Eng grouss Aventure fir eisen jonken Espoir, awer och fir onsen Sport-Direkter  Pires Fränz vum TC Miersch. Eng onbeschreiwleg Freed wor et fir de Fränz, den Antonio bei dësem Event ze begleeden an ze ënnerstëtzen. Och konnt de Fränz als Sparring an Coach agéieren.

Och wann den Antonio an senger éischter Ronn leider géint den Alexander Borisov aus Bulgarien verluer huet, well de Fränz ënnersträichen, dass hien sech méi wéi tapfer geschloen huet géint NR 1 U12 aus Bulgarien.

Ongebrachenen Kampfgeescht, absolut Fairness, mee virun allem huet den Antonio de Fränz duerch seng Fähegkeet beandrockt, no deem Match mat enger kloer an objektiver Analyse déi Erfahrung positiv fir seng Zukunft ze bewerten !

Ech sinn stolz op dech, den Tennis Miersch ass stolz, sou dem Fränz seng Wieder nom Match.

